N°6933
Entrée le 30.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 30.09.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 30. September 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Wéi aus dem Rapport vun der Regierung „*COVID-19: Rétrospective de la semaine du 19 au 25 septembre 2022*" ervirgeet, sinn am Zäitraum vum 5. September 2022 bis de 26. September 2022, 152.640 Dosen Pfizer/BioNTech an 258.274 Dosen Moderna Impfstoff op Lëtzebuerg geliwwert ginn. Iwwerdeems sinn d'Zuelen u verofreechten Impfunge géint de COVID-19 Virus zu Lëtzebuerg tendenziell stark réckleefeg.

An dësem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

- Kann d'Madamm Gesondheetsministesch déi uewe genannten Zuele confirméieren?
    - Wa jo, wisou ginn elo esou Quantitéiten un Impfdosen op Lëtzebuerg geliwwert?

Här President, ech bieden Iech des Froen, mat mengem déifste Respekt unzehuelen.

**Claude Wiseler**

Deputéierten

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

N°6933
Entrée le 03.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madame Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n°6933 vum 30. September 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Claude Wiseler**

Et ginn effektiv elo nach eng ganz Rei Impfdosen op Lëtzebuerg geliwwert, obwuel d'Nofro fir Impfungen staark erofgaangen ass.

Dëst erkläert sech doraus, dass dës Impfdosen viru laanger Zäit hu schonns missen virbestallt ginn, fir virbereet ze sinn fir eng eventuell schwéier Covid-19 Well am Hierscht/Wanter 2022, wéi dëst vun enger Rei Experten als méiglech gehale gouf. D'Grondiddi war do, am Noutfall, der ganzer Bevëlkerung nach eemol eng Zousatzdosis kënnen ze proposéieren.

D' Regierung mécht awer Alles fir dass, wann dës Dosen elo nët gebraucht ginn, si an aner Länner déi nach e Besoin hunn, kënnen weidergereecht ginn.

Lëtzebuerg, den 3. November 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert